Och dëst Joër haten mir an eisem Joresprogramm éng Sortie am Summer op Sommedieue bei den Bruno angeplangt. Mir fueren all Joërs zwee Mol op dës Plaz fir mat der Méck ze fëschen. Sommedieue ass ëmmer éng Rees wert, hei kann een an aller Rouh fir een Dag Ofstand vum Alldag huelen. 16 Memberen vun eisem Club haten dann och d´Geleenheet ergraff an hun zesummen ee wonnerschéinen Dag an der intakter Natur vum Domaine de Sommedieue verbruecht. d´Wieder huet och matgespillt an esou hun mir an ganzen Zich den Dag genoss. Nodeems mir Moies géint néng Auer unkomm woren an eis beim Bruno ungemellt haten, hun mir dovunner profitéiert fir een Ofstiecher bei den Sebastien ze ënnerhuelen deem säin Fëschergeschäft „CAST - AGAIN“ direckt um Site läit. Hei unkomm hun mir eis eeemol fir d´éischt déi neisten Watschong vun Simms weisen geloos, hun verschidden praktesch Rucksäck gewisen kritt an ofschléissend hun mir awer och ee puer Saachen kaaf ewei éng Lee Wulf doubel Taper Schnouër an Méckenkëschten vun Simms déi een mat éngem Ritsch-Ratsch um Gilet befestegen kann.

Duerno hun mir den Tour vum Site gemeet fir den Kollegen Moien ze soën. Den Roger wor schon dischtég am gaangen sénger Passioun der nymph a vue nozekommen an hat mat déier Method schon ee puer schéiner Fësch gefaangen, den Roger ass een groussen Spezialist vun dëser Method an et mécht richtég Spaass wann een gesäit mat eweivill Geschëck Hien et fäerdeg bréngt séng Méck esou ze präsentéieren dass den Fësch méngt et wär een natiirlecht Insekt.

Een anneren groussen Spezialist ass den Eugéne, Hien ass een groussen Frënd vun der drechener Méck an wann ëmmer et méiglech ass gräift Hien op dës Method zeréck fir d´Fësch ze iwwerlëschten. Natirlech bréngt Hien et dann och fäerdeg bei allen Wiederkonditiounen esou zu séngem Erfolleg ze kommen. Mir woren frouh den Eugene dobäi ze hun zeemols ewou mir wëssen dass Hien fir säin Liewen gären op dësem Site fëscht, wat mir awer och gudd verstoën kënnen ass hei dach d´Waasser esou kloër dass een am Virfeld d´Fësch ausmaachen kann an se dann och gezielt unwerfen kann.

d'Famile Muno wor och vollzähleg ungetrueden an den Dan hat wuel vill no ze huelen, konnt Hien dach fir ee laangen Moment sénger Passioun net no kommen, dofir huet Hien awer direckt eescht gemeet an wann ëmmer een Hien gesin huet wor Hien am Gaangen een Fësch ze drillen. Och Hien ass een richtég gudden nymph a vue Fëscher an gët dëst Geschëck un säin Bouw den Denis weider. Dësen huet den Bopa Muno gudd op Trapp gehalen an mir woren ganz houffrég och erëm jonk Fëscher an eisen Reihen zielen ze dierfen.

Den Andy an d'Cindy haten och den Papp matbruecht an natirlech huet den Mupp och net dierfen feelen. Während Cindy ganz äifreg gefëscht huet, hat den Andy awer och ee bëssen Zäit fond fir séng zweet grouss Passioun, d'Fotographéieren, an dat fannen ech richtég gudd ewell ech esou och vun deenen villen schéinen Fotoën profitéieren kann déi Hien mécht.



Den Jemp an den Albert woren schon ganz summerlech gekleed an hun et deementspriechend och labber ungoën geloos, näischt konnt Sie aus der Rouh bréngen ausser et stung een Bam an der Géigend deen awer och partout net rëckelen wollt an beim angeheien esou munech gudd Méck geklaut huet. Mée och Sie hun eescht gemeet an hun vill Fësch gefaangen an dodernieft haten Sie awer och vill Spaass un der Freed.

Niewend dem Denis konnten mir awer och op een anneren ganz jonken Fëscher zielen, den Luca an säin Papp den Roger woren och matgefour an och Sie hun sech gudd drun gin. Mir haten nach net richtég las geluech dun stung den Luca schon do an huet gesot „ kanns De mir net éng Foto maachen ech hun esou een décken Fësch gefaangen“ an huet dobäi séng kléng Ärm esouwäit auserneen gerappt ewei et gaangen ass. Natirlech sin ech séngem Wonsch gären no komm an et sollt net fir d´Lescht sin ewou den Luca mech deen Dag sichen komm ass. Nëmmen weider esou et gesäit een Him an séngem Papp of dass och Sie vum Virus Méckenfëschen befall sin.

Den Jemp wor nach ganz am Fussballféiwer an hat séng Kapp nach un mat déier Hien um Virowend séng Équipe ungefeiert huet. Den Roger huet esou richtég Bludd geléckt nodeems Hien zu Saulxures déi éischten Kéier richtég vill Fësch gefaangen hat an ass elo net méi ze bremsen. Den Fränz huet ewei ëmmer Näischt aus der Rouh bruecht an Him kann een beim fëschen richtég ofgesin ewei éng berouhegend Wirkung d'Méckenfëschen hun kann, héiert een och eemol hei an do een Fëscher fluchen ewell et net esou gaangen ass ewei Hien dat gewollt huet, esou gët et dat beim Fränz net an Hien ass wirklech eisen Fiels an der Brandung.

adidas
predator

Le Temps de pêche
matin : 9h - 12h30
après-midi 14h - 18h30
coup du soir - 18h - 21h30
pêche après-midi +
coup du soir =
journée